

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

An der Online-Ausgab vun der *Frankfurter Allgemeine* gouf den 13. Juli 2021 en Artikel publizéiert, deem op d'Gefore vun enger Impfung mat Johnson & Johnson hiweist. Do heescht et, d'Verwaltung fir d'Zouloosse vu Liewensméttel a Medikamenter an Amerika, kuerz FDA (Food and Drug Administration), hätt gewarnt virun engem „erhéichte Risiko“ vun enger seelener Nervenerkrankung bei enger Impfung mam Corona-Impfstoff vum Pharmakonzern Johnson & Johnson.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheitsminister gär folgend Froe stellen:

1. Ass d'Madamm Minister a Kenntnes vun dësem Warnhiweis vu Säite vun der FDA?
2. Gesäit d'Madamm Minister en Handlungsbedarf fir Lëtzebuerg? Wéll si op nationalem Niveau eng Warnung erausginn oder eventuell esouguer op d'Impfe mat Johnson & Johnson verzichten?
3. Kann d'Madamm Minister soen, ob zu Lëtzebuerg och schonn esou Reaktiounen op d'Impfung mat Johnson & Johnson festgestallt gi sinn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten